ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den Här Minister Jean Asselborn huet d'Istanbul-Konventioun den 11. Mee 2011 ënnerschriwwen. An engem Post op senger Facebooksäit vum 20. Mäerz 2021 heescht et: „Den 11. Mee 2011 zu Istanbul hunn ech – et muss ee soen op eng improviséiert Aart a Weis – dës Konventioun ënnerschriwwen ouni d'Vollmuechte virschrëftsméisseg gehat ze hunn. Mir haten deemools zu Lëtzebuerg e puer Zweiwele formeller Natur."(...)

An dësem Kontext wéilt ech dem Här Bausseminister des Fro stellen:

_ Wat fir eng Zweiwele vu formeller Natur gouf et deemools zu Lëtzebuerg, wat d'Ënnerschreiwe vun der Istanbul-Konventioun ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten